FOYERS SENIORS Asbl sicht fir hiert

Club Haus am Becheler zu Bereldange

Fir direkt oder no Ofsprooch

1 diploméierten Erzéier (m/f/d)

op onbestëmmten Zäit (20 Stonnen/Woch - Convention collective SAS/carrière C4)

Méi Informatiounen, eng Beschreiwung vum Posten an de gesichte Profil fann Dir op :

www.clubhaiser.lu/Clubhaus-am-becheler/ an www.clubhaiser.lu

Wat ass d'Aufgab vun eisem neie Mataarbechter:

- Sech em den Accueil vun de Client'en am Club këmmeren an duerfir suergen, datt Leit sech wëllkomm fillen
- Leit iwwert de Club an seng Offeren informéieren
- Workshops organiséieren an och leeden
- Aktivitéiten am Beräich vum liewenslaange Léieren entwéckelen, organiséieren an duerchféieren
- Aktivitéiten a pedagogesch Projekter, déi an eisem Club ëmgesaat gi, respektéieren an am Team duerchféieren
- D'Offer beschreiwen an redaktionell opschaffen fir d'Publikatioun vum Programm
- Administrativ Aufgaben erleedegen, déi am Zesummenhang mat der Aarbecht vum Educateur stinn

Wat gëtt nach erwaart:

- Eng vertrauensvoll Bezéiung zu den Clienten opzebauen an ze entwéckelen.
- Sécherstellen, datt Ziler vum Club ëmgesat ginn, dat heescht:
- Förderung an Befäegen zum liewenslaangen Léieren,
- Sensibiliséierung fir Virdeeler vu kierperlecher a mentaler Aktivitéit an all Alter
- Virbereedung op Pensioun
- Ënnerstëtzung vun der individueller a kollektiver Entwécklung vum erwuessene Mënsch
- Sozial Kontakter erméiglechen an domat géint d'Isoléierung vun Mënschen an eiser Gesellschaft virzegoen
- Eng oppen a liberal Liewensastellung
- Wëssen iwwert d'Arbescht vun engem Club aktiv +.

Ären Profil :

- Diplom vum Educateur(trice) diplômé(e) oder equivalent den zu Lëtzebuerg unerkannt ass
- Lëtzebuergesch, Däitsch an Franséisch verstoen, schwätzen a schreiwen kennen
- Gutt Computerkenntnisser
- Dir sidd professionell a bereet zu flexibelen Zäiten ze schaffen
- Dir sidd een Equipemënsch an är Kolleegen an äre Patron kennen sech op iech verloossen
- Dir sidd motivéiert a maacht är Aarbecht mat Freed an Iwwerzeegung
- Dir sidd organiséiert an dynamesch an fannt Léisungen bei Schwieregkeeten
- Dir sidd kreativ a kapabel fir pedagogesch Aktivitéiten a Projet'en auszeschaffen an ëmzesetzen

Wat bidden mir:

- Eng kleng motivéiert Equipe, déi Freed un hirer Aarbecht hutt
- Eng ofwiesslungsräich Aarbecht wou een d'Méiglechkeet kritt selwer Saachen ëmzesetzen
- Een tolerant Ëmfeld, wat oppen ass fir alternative Liewensweisen vun enger pluralistescher Gesellschaft
- Bezuelung nom SAS-Kollektivvertrag C4

Schéckt Är Kandidature mat enger Kopie vun ären Diplomer bis den 23.05.2025 un:

Club Haus am Becheler

Mme la Présidente Liliane Frising

15a, Am Becheler

L-7213 Bereldange